PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An engem Parkhaus vun enger Klinik zu Lëtzebuerg ginn et obligatoresch Parkplaze fir Elektroautoen, déi net mat Elektrobornen equipéiert sinn. Dës Parkplaze sinn am Ufank vum Parkhaus ausgezeechent an domat relativ wäit fort vun der Entrée. Hei stellt sech d'Fro, wéi d'Regierung zu Parkplaze steet, wou d'Besëtzer vun Elektroautoen sech mussen histellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn esou obligatoresch ausgewisen Elektroparkplazen och vum Staat geplangt respektiv scho realiséiert?
2. Wa jo, wéi verhält et sech am Fall wou eng Persoun mat engem Behënnerteparkausweis an engem Elektroauto op esou engem Parking géing parken ?
3. Ginn et Grënn, firwat een Elektroautoe sollt un den Agang vun engem Parkhaus verweisen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député